N°2627
Entrée le 12.08.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel a vun der Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul Stéphanie Obertin op d'parlamentaresch Fro n°2627 vum 18. Juli 2025 vun der honorabelen Deputéierten Nancy Arendt**

1. **Plangt Regierung, Gespréicher mam Vereenegte Kinnekräich opzehuelen, fir een Accord auszeschaffen, deen eng verstäerkt Zesummenaarbecht a verschiddene Politikberäicher wéi Sécherheet, Wirtschaft a Bildung virgesäit?**
2. **Mat wéi enge Schwieregkeeten si momentan Lëtzebuerger Studentinnen a Studente konfrontéiert déi am Vereenegte Kinnekräich studéieren oder do wëlle studéiere goen?**
3. **Wier d'Regierung gewëllt, dës Problemer an eventuelle Gespréicher unzeschwätzen a gegeebenefalls no Léisunge sichen?**

D'Vereenegt Kinnekräich an Lëtzebuerg verbënnt eng laangjäreg a vertrauensvoll Partnerschaft, déi op enger gemeinsamer europäescher Geschicht berout. D'Regierung setzt sech dofir an, d'Relatiounen tëscht onse béide Länner weider ze stäerken. An deem Sënn gouf den 11. Mee 2023 eng gemeinsam Erklärung iwwer déi bilateral Zesummenaarbecht tëschent béide Regierungen ënnerschriwwen. Ënner anerem sinn d'Sécherheet, d'Defense, d'Wirtschaft an d'Mobilitéit, dorënner och d'Jugendmobilitéit, als Haaptprioritéiten an der Deklaratioun opgelëscht. Dës ass ons Basis, fir ee strukturéierte bilateralen Dialog ze féieren an d'Kooperatioun an de festgeluechten Themeberäicher ze verdéiwen.

Eis Zesummenaarbecht berout natierlech och op der méi breeder Bezéiung tëschent dem Vereenegte Kinnekräich an der Europäescher Unioun an ënner anerem der NATO. De sougenannte "*Common Understanding*", deen um Sommet tëscht der EU an dem Vereenegte Kinnekräich vum 19. Mee 2025 adoptéiert gouf, enthält och Engagementer an Beräicher wéi Sécherheet, Defense, Jugendmobilitéit, ERASMUS+ an der Stäerkung vun der wirtschaftlecher Zesummenaarbecht.

Wat Studéieren am Vereenegte Kinnekräich ubelaangt, bezuelen EU-Studenten zanter dem Brexit a ville Fäll déi méi héich Aschreiwungskäschten fir international Studenten, a net méi déi sougenannten "home fees", wéi déi brittesch Studenten, a brauchen och e Studentevisum fir am Vereenegte Kinnekräich ze studéieren.

Gespréicher zu engem sougenannte neie "Youth Experience Scheme" fannen, an der Suite vum uewe genannte Sommet vum 19. Mee 2025, op EU-Niveau statt.

Lëtzebuerg, den 12. August 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel